LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Äntwert vum Här Premierminister, Staatsminister op d'parlamentaresch Fro n°7117 vum 3. November 2022 vun den honorabelen Deputéierte Fernand KARTHEISER a Fred KEUP**

De Premierminister an déi Lëtzebuerger Regierung hu keng legal Méiglechkeet, fir selwer d'Ausliwwerung vun engem Lëtzebuergesche Bierger ze verhënneren, dee sech net op Lëtzebuergeschem Territoire befënnt. An dësem Fall ass et déi Franséisch Regierung, déi eng souverän Decisioun hëlt, op déi concernéiert Persoun ausgeliwwert gëtt oder net. Dës Decisioun ka virun den zoustännege Jurisdictiounen an a leschter Instanz virum Conseil d'Etat, der ieweschter administrativer Jurisdictioun a Frankräich, attackéiert ginn. Dës Jurisdictioune kontrolléieren, ob all d'rechtsstaatlech Garantien an dat entspriechend Ausliwwerungsofkommes respektéiert ginn. D'Lëtzebuerger Regierung stellt dës Prozedur net a Fro a respektéiert de Franséische Rechtsstaat, a wäert deemno net intervenéieren.

Lëtzebuerg, den 3. November 2022

De Premierminister, Staatsminister

(s.) Xavier BETTEL